N°580
Entrée le 05.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.04.2024

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Abrëll 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 409 schreift den Här Aarbechtsminister iwwert d'Representatioun vu sengem Haus am Verwaltungsrot vu ProActif dat hei: „*De Vertrieder vum Aarbechtsministère ass just als Observateur bei de Reuniounen vum Conseil de gérance vu ProActif SIS s.àr.l. dobäi*". Dat obwuel d'S.à.r.l. mat mëttlerweil bal 25 Milliounen Euro pro Joer duerch den Aarbechtsministère ënnerstëtzt gëtt an an der Vergaangenheet duerch eng schlecht Gestioun vun ëffentleche Gelder opgefall ass.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Aarbechtsminister gär dës Froe stellen:

1) Ob wéi enger legislativer Basis, respektiv op wéi engem Accord berout dee reng observéierende Statut vum Vertrieder vum Aarbechtsministère? Kann den Här Minister an deem Zesummenhang preziséieren, firwat de Staat sech als Géigeleeschtung fir dësen enorme Betrag u Steiersue kee Stëmmrecht am Verwaltungsrot ausgehandelt huet?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

N°580
Entrée le 02.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire n°580 de Monsieur le Député Jeff ENGELEN**

Et gëtt keng gesetzlech Basis déi virgesäit, e Vertrieder vum Aarbechtsministère als Observateur an de Verwaltungsrot vun enger Beschäftegungsinitiativ ze nennen.

D'Désignatioun vun engem Vertieder vum Aarbechtministère an de Verwaltungsrot vu ProActif a.s.b.l. (bis 2021) resp. vu ProActif SIS s.àr.l. (ab 2022) baséiert op engem Accord, deen zënter enger Reih vu Joren besteet a fir d'Lescht duerch e Bréifwiessel vum Juli 2019 tëscht dem deemolegen Aarbechtsminister a ProActif confirméiert gouf.

De Staat ass weder Member (a.s.b.l.) nach Actionnaire oder Associé (s.àr.l., s.coop.) an enger vun den 30 konventionnéierten Beschäftegungsinitiativen an huet deemno och net automatesch eng Plaz an den Verwaltungsréit vun dësen Organismen zegutt.

D'Gesetz vum 3. Mäerz 2009 iwwert den « Rétablissement du plein emploi » an den Artikel 82 vum ofgeännerte Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert de Budget, d'Comptabilitéit an d'Trésorerie vum Staat, ginn dem Aarbechtsminister déi néideg Moyenen, fir d'Aktivitéiten an d'Finanzen vun den konventionnéierten Initiativen ze kontrolléieren, och ouni e Vertrieder mat Stëmmrecht an all Verwaltungsrot sëtzen ze hunn.

Luxembourg, le 30 avril 2024

**(s.) Georges MISCHO**
**Ministre du Travail**